***(Brouhaha général)***

**Une voix**.- Dir loosst alles zou.

**M. Nicolas Schmit,** *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.*- Ech maachen elo do Schluss. Här Clement, mir ënnerhalen eis am Couloir iwwert déi Iddien.

**Plusieurs voix**.- Ah!

**M. Nicolas Schmit,** *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.*- Ech stelle just fest, hei gëtt iwwert d'Beschäftegungspolitik laang diskutéiert, mä wann ee konkret gëtt, dann ass et Schluss.

Bon, Merci.

***(Brouhaha général)***

**M. le Président**.- Sou, mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6147 ass ugeholl mat 43 Jo-Stëmmen, géint 5 Nee-Stëmmen an 11 Enthalungen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6147 est adopté par 43 voix pour et 16 abstentions.*

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Ben Fayot), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.*

*Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss et Henri Kox;*

*M. André Hoffmann.*

Wëllt ee seng Enthalung begrënnen?

***(Négation)***

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

Als Nächst hu mer de Projet de loi 6110, d'Ëmsetze vun enger Direktiv iwwert d'Eisebunnsinfrastruktur. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo just den Här Berger ageschriwwen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

## 3. 6110 - Projet de loi ayant pour objet

**A) la transposition en droit national de la directive 2007/58/CE du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2007 modifiant la directive 91/440/CEE du Conseil relative au développement de chemins de fer communautaires et la directive 2001/14/CE concernant la répartition des capacités d'infrastructure ferroviaire et la tarification de l'infrastructure ferroviaire;**

**B) la création d'un organisme de contrôle du marché ferroviaire;**

**C) de modifier la loi modifiée du 11 juin 1999 relative à l'accès à l'infrastructure ferroviaire et à son utilisation;**

**D) de modifier la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire**

***Rapport de la Commission du Développement durable***

**M. Marc Spautz** *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun enger gudder Stonn hu mir d'Gesetz iwwert den Institut luxembourgeois de régulation op de Leescht geholl an ënner anerem derfir gesuergt, dass dëst Organ an der Konformitéit zu den europäesche Bestëmmungen a voller Onofhängegkeet seng Aarbecht maache kann. Domat si mir mam éischten Deel vun der Reform vum ILR duerch a kënnen eis elo mat der soi-disant zweeter Phas beschäftegen, déi doraus besteet, datt mir eisem nationale Regulatiounsinstitut eng weider Missioun mat op de Wee ginn.

Wéi eis mäi Fraktiounskolleeg, de Marcel Oberweis, a sengem mëndleche Rapport zum ILR-Projet drun erënnert huet, bezitt sech momentan de Kompetenzberäich vum ILR op den Telekommunikatiouns-, den Energie- an de Postberäich. An Zukunft kënnt bei dës dräi Beräicher e weideren Domän…

**M. le Président**.- Ech bieden Iech, wann ech gelift dem Här Rapporteur nozelauschteren!

**M. Marc Spautz** *(CSV), rapporteur.*- … derbäi, an zwar dee vun der Eisebunn. A fir dass dëst méiglech gëtt, huet de Minister vun der nohalteger Entwécklung an den Infrastrukturen den 3. Februar 2010 dëse Gesetzesprojet an der Chamber déposéiert.

De 24. Abrëll sinn ech an der Kommissiounssitzung vun der nohalteger Entwécklung zum Rapporteur vum Projet genannt ginn. Duerno hu mir den 2. Juni an der Kommissioun den Text an den Avis vum Statsrot, deen de 4. Mee erauskomm ass, ënnert d'Lupp geholl. Dobäi hu mir eis op eng Rei Änderunge gëeenegt, déi dunn un de Statsrot geschéckt gi sinn. Déi héich Kierperschaft huet eis hir zousätzlech Meenung dozou den 29. Juni matgedeelt. An do hu mir de 7. Juli 2010 an der Kommissioun dat alles analyséiert a schliesslech de schréftleche Rapport zu dësem Projet ugeholl.

Da wéilt ech preziséieren, dass niewent dem Statsrot och d'Chambre des Salariés - well d'Eisebunner, wat vill Leit net wëssen, net an der Chamber des Fonctionnaires, mä an der Chambre des Salariés sinn - en Avis zum Projet eragereecht huet, an dat den 22. Abrëll vun dësem Joer.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi beim Projet iwwert den ILR huet och dësen Text hei als Ausgangsbasis eng europäesch Direktiv, déi et gëllt an nationaalt Recht ëmzesetzen. An zwar handelt et sech ëm déi eng Direktiv vum 23. Oktober 2007 mat der Nummer 2007/58. Déi Direktiv ass en Deel vum sougenannten drëtten Eisebunnspak, dee schonn am Joer 2004 virgeluecht gouf, mä eréischt 2007 vun den europäeschen Institutiounen definitiv gestëmmt ginn ass. Genee wéi déi zwee viregt Päck soll dësen drëtte Pak dozou bäidroen, datt déi gemeinsam europäesch Transportpolitik an d'Wierklechkeet ëmgesat gëtt.

Ëm wat geet et dann elo bei dëser Direktiv? Ma ënnert dem Strëch verflichte sech d'Memberstate vun der Europäescher Unioun dozou, den Accès, d'Benotzung an d'Gestioun vun hire Schinneréseaue vun engem onofhängegen Organ kontrolléieren a reguléieren ze loossen.

Hei zu Lëtzebuerg ass d'Kontroll vum Eisebunnsnetz bis elo vum Transportministère gemaach ginn. Esou gesäit et den Artikel 22bis vum Gesetz aus dem Joer 1999 iwwert den Zougang an d'Benotzung vum Eisebunnsnetz vir, dass am Fall, wou en Eisebunnsbetrib, deen de Schinneréseau benotzt oder benotze wëllt, sech vum Organ, dat d'Lizenze verdeelt, benodeelegt behandelt fillt, sech beim Transportministère doriwwer beschwéiere kann. An dësem Fall gëtt dann eng Spezialkommissioun agesat, déi den Dossier ënnersicht, ier de Minister dann eng begrënnten Décisioun hëlt.

D'Europäesch Kommissioun kritiséiert dës Praxis awer ganz staark, well si där Meenung ass, dass déi Spezialkommissioun net genuch onofhängeg ass, well si dem Transportminister hierarchesch ënnersteet. Hei verlaangt d'Kommissioun Strukturen, déi net vun der Eisebunn respektiv aus dem Perimeter vum Transportministère oder an eisem Fall vum Développementsministère ofhänken.

De Gesetzesprojet gesäit an deem Sënn vir, dass hei zu Lëtzebuerg an Zukunft d'Kontroll an d'Reguléierung vum Eisebunnsmarché vum ILR iwwerholl soll ginn. Den nationale Regulatiounsinstitut soll derfir suergen, dass op deem Marché keen Acteur diskriminéiert gëtt, dass et effikass fonctionnéiert, an dass an deem Beräich d'Konkurrenz no alle Regele vun der Konscht spille gelooss gëtt.

Ganz wichteg ass, dass d'Membere vum ILR onofhängeg vum Eisebunnsmarché musse sinn an net d'Interesse vun engem Eisebunnsbetrib vertrieden däerfen. Ausserdeem muss den ILR e fräien Zougang zum lëtzebuergeschen Eisebunnsréseau garantéieren a Recommandatioune maachen, Statistiken opstellen a sech mat de Kontrollorganismen aus anere Länner ofschwätzen. Virun allem gëtt den ILR duerch dëse Projet dat Organ, un dat sech en Eisebunnsbetrib wende kann, wann e fënnt, e wier ongerecht behandelt gi vum Gestionnaire oder vun aneren Acteuren um Schinneréseau. Da kënne Strofen ausgeschwat gi bis zu der Héicht vun 150.000 Euro.

À propos Suen: Et ass natierlech och wichteg, fir bei dësem Projet e klengt Wuert zur Finanzéierung vun deem Ganzen ze soen. Sou limitéiere sech d'Käschten duerch déi nei zousätzlech Fonctiounen, déi den ILR soll kréien, op eng 115.200 Euro. Dëst Geld ass fir neit Personal virgesinn, wat bei der Schafung am ILR muss gemaach ginn.

Interessant ass ze wëssen awer och d'Tatsaach, dass an deene leschten dräi Joer keng - ech widderhuelen: keng - Plainte bei deem aktuelle Kontrollorgan géint d'Acteuren um Eisebunnsmarché agaangen ass. Wat also beweist, dass och eise System, wéi mer en am Virfeld ëmgesat haten, wonnerbar geklappt huet, an dass mer hei just musse kucken, eis den europäeschen Direktiven unzepassen.

Zum Schluss wollt ech och nach kuerz ënnersträichen, dass de Statsrot niewent enger Rei juristescher Bedenken, deenen d'Nohaltegkeetskommissioun duerch entspriechend Amendementer Rechnung gedroen huet, a sengem Avis virun allem där Meenung war, dass et net einfach wäert ginn, fir de Kompetenzberäich tëschent der Adminstration des chemins de fer an dem ILR ze klären. Duerfir hätt de Statsrot gäre gehat, dass d'Administration des chemins de fer esou mann wéi méiglech an d'Kontroll vum Eisebunnsmarché agräift. Fir drun ze erënneren: Mä et war nach ni eng Plainte do. Duerfir hu se jo bis elo nach net agegraff. Duerfir just fir och dat awer eng Kéier wëllen ze soen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, esou vill zu menger Säit zu dësem Projet. De schréftleche Rapport läit vir. An ech mengen, do stoung och alles dran.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Merci!

**M. le Président**.- Merci dem Här Marc Spautz. Dat war ganz komplett. Wëllt de Minister nach eppes dozou bäifügen? Ech hu gesinn, et ass kee Riedner méi agedroen.

**M. Claude Wiseler,** *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här President, ech wëll just Merci soen der Kommissioun fir déi Aarbecht an dem Rapporteur selbstverständlech fir deen extrem gudde Rapport, deen e gemaach huet. An do hunn ech näischt bäizefügen.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

***(Brouhaha général)***

De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6110 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Roger Negri), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par Mme Lydia Mutsch), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Camille Gira);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. André Hoffmann.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi 6014 iwwert d'Administration des Ponts et Chaussées. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Etgen, Diederich, Bausch, Henckes an Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

## 4. 6014 - Projet de loi portant réorganisation de l'Administration des Ponts et Chaussées

***Rapport de la Commission du Développement durable***

**M. Lucien Clement** *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 13. Mäerz 2009 huet den Travaux-publics-minister, den Här Claude Wiseler, de Projet zur Reorganisatioun vun de Ponts et Chaussées hei déposéiert. E gutt Joer duerno, den 23. Mäerz, huet dunn de Statsrot säin Avis dozou ofginn. Virun engem décke Mount, den 8. Juni, huet d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics och hir Meenung zu dësem Projet ofginn.

Well de Projet scho virun de Wahlen déposéiert ginn ass, war mäi Fraktiounskolleeg, den Här Ali Kaes, als éischte Rapporteur dovunner genannt ginn. No där neier Opdeelung awer du vun de Ministèren an de Chamberskommissiounen ass mir dunn déi Éier zudeel komm. Den 28. Abrëll 2010 huet d'Nohaltegkeetskommissioun de Projet an den Avis vum Statsrot analyséiert. De 5. Mee hu mir an der Kommissioun eng Rei Amendementer ugeholl, déi de Statsrot sengersäits den 22. Juni aviséiert huet. Den 30. Juni huet d'Kommissioun dësen Avis analyséiert an et fir néideg befonnt, nach eemol d'Amendement unzehuelen, dat de Statsrot de 6. Juli dunn nach eng Kéier aviséiert huet. Schliesslech konnt d'Kommissioun de virleiende Rapport an der Sitzung vum 7. Juli un-

huelen, nodeems se den zweeten Avis complémentaire vun der héijer Kierperschaft och erakrut.

Här President, am Folgende wäert ech kuerz op d'Quintessenz vum Projet de loi agoen. U sech huet den Text zwee Ziler, wouvunner d'Haaptzil sécherlech ass, d'Gesetz vum 15. Mee 1974 zur Reorganisatioun vun de Ponts et Chaussées ze modifizéieren an d'Kaderen an d'Organisatioun vun dëser Administratioun den neien Ufuerderunge vun der Technik, dem Trafic, der akademescher Ausbildung an och, esou banal wéi et vläicht kléngt, un déi verännert Infrastrukture säit 1974 - dat sinn ëmmerhi scho 36 Joer hier -, fir se do unzepassen.

Am Laf vun deene 36 Joer ass d'Administration des Ponts et Chaussées wäit iwwer hiren Numm erausgewuess an eng richteg Administration des infrastructures ginn, déi sech net just, esou wéi dat fréier virgesi war, ëm Brécken an ëm Stroosse bekëmmert. Hir Aufgaben a Missioune gi wäit, ganz wäit doriwwer eraus a reeche vun der Planifikatioun iwwert d'Konstruktioun, den Aménagement hi bis zum Entretien.

Och wann déi ënnerschiddlech Aufgabe vun der Division des Eaux jo säit e puer Joer an den Hänn vum Waasserwirtschaftsamt leien, notamment déi wichtegst Volete vun Drénk- an Ofwaasser, esou huet d'Ponts et Chaussées awer nach e sélleche Missiounen, vun deenen ech der just e puer elei wëll opzielen: d'Gestioun vum Trafic op de Statsstroossen, d'Schafe vun den Infrastrukture fir den öffentlechen Transport, den Aménagement vum nationale Vëlospisteréseau, d'Gestioun vun de Bauwierker souwéi d'Gestioun vun den hydrauleschen an hydrohydrauleschen *(veuillez lire: hydroelektroneschen)* Ariichtungen - fir just dës Aspekter aus dem groussen Aufgabeberäich vun de Ponts et Chaussées ze nennen.

Derbäi kënnt och nach, datt d'Ponts et Chaussées mat der Konzeptioun an der Realisatioun vu Génie-civil-s-Aarbechte fir d'Gemenge ka beoptragt ginn, wann déi kee Service technique hunn, deen dat maache kann. D'Ponts et Chaussées kann och mat groussen Infrastrukturaarbechte fir aner Ministèresdepartementer oder öffentlech-rechtlech Organisme chargéiert ginn, esou wéi et den Artikel 2 vum Marchés-publics-Gesetz vum 25. Juni 2009 virgesäit.

Den Text vum Projet hält och fest, datt d'Administratioun vun de Ponts et Chaussées deem Regierungsmember, deen de Beräich vun den Travaux public ënner sech huet, ënnerläit. Des Weidere geet den Text op den Direkter vu Ponts et Chaussées als Chef hiérarchique an, dee vun zwéin Directeurs adjoints assistéiert gëtt. Fir déi weider Opdeelung, fir dat, wat d'Organisatioun an d'Strukture vun der Administratioun ugeet, fir déi verschidden Divisiounen, hir Missiounen an Attributiounen, esou verweist den Text vum Projet de loi op groussherzoglech Reglementer. Dat Ganzt natierlech am Respekt vun de Kompetenzen, déi dem Pouvoir exécutif zoustinn.

D'Zil ass et jo och, datt d'Administratioun vun de Ponts et Chaussées fir d'Zukunft esou opgestallt ass, datt se séier op eventuell Verännerunge reagéiere kann, falls dat dann néideg ass. Et sinn am Gesetz och sämtlech Carrièrë virgesinn, déi néideg sinn, fir dee gudde Fonctionnement vun de Ponts et Chaussées ze garantéieren. Bei dëse Carrièrë sinn och keng Limitë virgesi vun deene Leit, déi kënnen engagéiert ginn. Dës Limite gëtt all Joer iwwert de Statsbudget festgeluecht a kann also de Besoinë relativ séier ugepasst ginn. E Règlement grand-ducal leet déi verlaangte Studien, Administratiounskritäre souwéi d'Modalitéite fir d'Nominatioun an d'Promotioun vun de Beamte fest.

Des Weidere regelt dat neit Gesetz nach d'Situatioun vun de verschiddene Leit vun der Administratioun, déi ënnert dem Statut vum Employé d'État agestallt gi sinn, well zu deem Moment keng Beamteplaz oder keng Beamteplaze fräi waren.

Ech hu virdru gesot, datt mir zwou Serië vun Admendementer ugeholl hunn an datt de Statsrot am Ganzen dräi Avisen zu dësem Text ofginn huet. Erlaabt mer dofir op verschidde wichteg Punkte vun den Aarbechten an der Kommissioun an op d'Avisen anzegoen.

Fir unzefänken, wëll ech direkt virewech huelen, datt d'Chamber vun de Statsbeamten an Employés publics keng weider Problemer mam Text huet. Si huet awer zu Recht drop higewisen, datt, fir richteg ze sinn, och dat Gesetz vun 1974 awer misst abrogéiert ginn. Dëser Opfuerderung ass d'Kommissioun selbstverständlech nokomm an huet och en deementspriechenden Amendement nach verfaasst, formuléiert.

De Statsrot hat eng Rei vu Kritiken um Text, esou datt d'Kommissioun an hiren Aarbechten um Text geschafft huet an e puer Amendementer zu Pabeier bruecht huet. Ech wëll elo net alles hei opzielen, verweisen do fir all Detailer op mäi schréftleche Rapport.

Een Uleies vum Statsrot war et, datt d'Aarbechte fir Projeten, déi d'Ponts et Chaussées fir Gemenge mécht - fir Gemengen, déi net iwwert deen néidege Service technique verfügen -, och sollten explizit un dës Gemenge fakturéiert ginn. An der Kommissioun ware mir awer der Meenung, datt dat an där Form net noutwendeg wär, well dës Aarbechten an aller Regel bis elo onentgeltlech duerchgefouert gi sinn. Dëse Modell huet bis elo och zu kenge grousse Problemer Ulass ginn an och net zu gréisseren Diskussioune gefouert. A well mir an der Kommissioun der Meenung waren, datt een eppes, wat gutt leeft, net soll änneren, hu mir an dësem Fall och dem Conseil d'État net Rechnung gedroen.

Den urspréngleche Artikel 4 huet d'Missiounen an d'Aufgabe vun der Direktioun vu Ponts et Chaussées an déi zéng Divisiounen definéiert an och virgesinn, datt - falls néideg - d'Divisions de la voirie Norden a Süde géife fusionéieren.

Zudeem huet den Artikel festgehal, datt verschidden intern Modalitéite vun der Organisatioun kéinten iwwer Règlements d'ordre interne festgeluecht ginn. De Statsrot huet sech dofir ausgeschwat, dësen Artikel ze sträichen a säi Contenu an e Règlement grand-ducal ze setzen. D'Chamberskommissioun ass dësem Wonsch dann och nokomm an huet den initialen Artikel 4 aus dem Text erausgeholl.

Och deen urspréngleche Artikel 5 ass gestrach ginn, well och dee sech op déi intern Organisatioun bezunn huet. Den Artikel 10 initial hätt virgesinn, datt d'Cantonniers sollten d'Qualitéit vun engem Officier de police judiciaire kréien, well si jo mussen de Verkéier regelen, wann dësen duerch e Chantier behënnert gëtt. De Statsrot huet sech elei opposéiert mam Argument, datt si dann nach weider Pouvoirë misste kréien, fir den Automobilisten déi néideg Disziplin kënnen dann och ze imposéieren. D'Kommissioun huet doropshin den Artikel gestrach, sou datt sech och weiderhin op den Artikel 6 vum Gesetz vun 1955 iwwert d'Règlementation de la circulation sur toutes les voies publiques referéiert gëtt.

Ech hat scho gesot, datt d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics d'Chamberskommissioun drop higewisen hat, datt mat dësem Gesetz dat aalt Gesetz vun 1974 net abrogéiert gëtt. Aus dësem Grond huet dann och d'Kommissioun heizou zwee Amendementer formuléiert.

Deen neien Artikel 10 huet festgehalen, datt, bis déi nei Règlements grand-ducaux a Kraaft sinn, déi bestehend Reglementer, déi Ponts et Chaussées betreffen, nach applikabel sinn.

Den neien Artikel 11 abrogéiert d'Gesetz vu '74 portant réorganisation de l'Administration des Ponts et Chaussées. A sengem zweeten Avis complémentaire vum 6. Juli huet de Statsrot sech dem neien Artikel 10 wéinst Netrespektéiere vun der Hiérarchie des normes juridiques opposéiert, sou datt d'Kommissioun dësen Artikel dann erëm gestrach huet. Mam neien Artikel 11, deen elo Artikel 10 gëtt, war de Conseil d'État dann awer d'accord.

Här President, Dir Dammen Dir Hären, Dir gesitt, et war zimlech vill Hin an Hier, mä elo hu mer awer en Text, deen, denken ech, oder hoffen ech, datt en eng grouss Zoustëmmung heibanne kréie wäert.

Erlaabt mer awer nach eng lescht Remarque: Iwwer ee Punkt hu mir och eng Zäitchen an der Kommissioun diskutéiert, an zwar deen, wéi eng Kompetenz dann elo Ponts et Chaussées huet. Heibäi huet de Minister ganz kloer erkläert, datt déi politesch Décisiounen, wéi a wou wat gebaut soll ginn, selbstverständlech am Ministère geholl ginn, an d'Ponts et Chaussées doropshin d'Planifikatioun iwwerhëlt.

Fir datt d'Ponts et Chaussées och weiderhin hire wichtegen Aufgabe kann nogoen, an dat mat nach verbesserte Moyenen a mat engem verbesserte Gesetz am Réck, bieden ech Iech alleguerten, dësen Text hei ze stëmmen.

Ech fir mäin Deel soe Merci fir d'Nolauschteren a brëngen natierlech och, oder selbstverständlech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet.

**Une voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- An ech soen dem Här Rapporteur Clement Merci. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Fernand Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Fernand Etgen** *(DP)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, virewech Félicitatiounen an en opriichtege Merci un de Rapporteur, den Här Lucien Clement, fir säin exzellente schréftleche Rapport a säin engagéierte mëndleche Virtrag. Ee gutt ausgebaut leeschtungsfäegt a sécherr Stroossennetz ass fir ee Standuert wéi Lëtzebuerg eng Grondviraussetzung, fir kënne kompetitiv ze sinn. Nëmme wa mer eis grouss Mobilitéitsproblemer zu Lëtzebuerg an de Grëff kréien, wäert eis Wirtschaft, wäerten eis Betriber och an der Zukunft kompetitiv sinn. Nëmme wa mer eis Mobilitéitsproblemer an de Grëff kréien, wäerte mer de Bierger eng héich Wunn- a Liewensqualitéit kënne bidden. Nëmme wa mer dobäi d'Approche vun enger integréierter a koordinéierter Verkéiers- a Landesplanung wielen, kënne mer dëst Zil erreechen.

Här President, et ass an dësem Kader, wou d'Debatt iwwer eng Reform vun de Ponts et Chaussées, oder besser gesot vun der Bauverwaltung muss stattfannen. Et ass an dësem Kader, wou mer eis d'Fro musse stellen, wéi ee Bäitrag dës Institutioun zu enger nohalteger Entwécklung vun eiser Verkéiersinfrastruktur kann a soll leeschten.

Dës Situatioun ass net nei. Säit der wuessender Auslaaschtung vun de Verkéiersstroossen an den 80er an an den 90er Joren, besteet d'Noutwendegkeet vun enger Verknäppung vun der Stroosseverkéiersplanung mat enger allgemenger strategescher Verkéiersplanung. Et gëllt, Synergien tëschent der Ofstëmmung vun alle Verkéiersaarten - dem öffentleche Verkéier, dem motoriséierten Individualverkéier an och dem netmotoriséierten Individualverkéier - ze sichen.

Ponts et Chaussées plangt a baut am Spannungsfeld tëschent Bierger, Ekonomie an och der Natur. Et ass duerfir eng absolut Noutwendegkeet, d'Verkéiersplanung duerch de Brëll vun der Nohaltegkeet ze kucken.

A senger Regierungserklärung huet de Premier gesot - ech zitéieren: „Mir kënnen eis net nohalteg entwéckelen, wa mer de Konflikt tëschent Ekonomie, Infrastrukturausbau an Ëmwelt net geléist kréien. D'Matenee vu Wirtschaft, Infrastrukturen an Ëmwelt féiert heiansdo zu Konflikter, déi net d'Resultat vun absolute Géigesätz sinn. Ëmwelt an Ekonomie stinn a kriteschem Dialog, mä net am Widdersproch mateneen. Den neie Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukture soll dat Mateneen esou organiséieren, dass déi Reiwungsverloschter, déi mer ëmmer erëm feststellen an déi vill Suergen an Zäit kaschten, méi kleng ginn." An e bësse méi wäit: „Et mécht Sënn, Ëmwelt, Transport, Bauten an d'Landesplanung an eng Hand ze leeën."

De Rapporteur huet et gesot, dëse Projet ass nach vun der viregter Regierung déposéiert ginn an dréit där neier Organisatioun vum Ministère fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen net Rechnung. Jo, en dréit enger integréierter Approche vun der nohalteger Entwécklung net Rechung.

Wa mer soen, datt d'Stroossebauverwaltung an Zukunft méi eng modern, innovativ Mobilitéitsverwaltung soll sinn an an hirer Approche méi e wäite Bléckwénkel soll anhuele wéi nëmmen dee vum Stroossebau, da musse mer där Institutioun och déi néideg Moyenë ginn. Da musse mer iwwert d'Vernetzung vun Institutioune schwätzen, jo vläicht iwwert d'Fusionéiere vun Institutiounen. Wichteg wär et allemol gewiescht, den nohaltegen Ufuerderungen, déi un d'Verwaltung gestallt ginn, besser a méi effizient Rechnung ze droen.

Wa mer eng pur Stroossebauverwaltung behalen, misst d'Konzeptioun an d'Planifikatioun vun den Infrastrukturprojeten am Ministère fir nohalteg Entwécklung gemaach ginn. Dat ass dee grousse Paradox vun deem virleiende Projet. D'Ponts et Chaussées kritt nei Attributiounen, nei Aufgaben, ouni datt d'Verwaltung doduerjer grondleeënd verännert gëtt.

Mir kënnen eis awer keng Administratioun leeschten, déi Konzeptioun a Planung vu Projete bedreift an dobäi net an eng Gesamtstrategie, an eng Gesamtvue agebonnen ass. Dat beschte Beispill duerfir war an der Vergaangenheet d'Ausschaffe vum Strategiepabeier „route 2020", wou d'Ponts et Chaussées parallell, jo souguer onofhängeg vum IVL, dëse Pabeier ausgeschafft huet a wou déi zwou Strategien net aneneegegraff hunn a villméi sech einfach widdersprach hunn.

Här President, ech muss Iech soen, datt ech mat deem virleiende Projet de loi net gesinn, wéi mer esou Elenggäng an Zukunft verhënnere géifen. Et wäert och weiderhin esou sinn, datt jiddwereen a sengem Eck seng eegen Zopp wäert kachen. Beim virleiende Projet huet d'Regierung et net fäerdeg bruecht, dee vun hir selwer virgezeechente Paradigmewiessel anzelauden.

Här President, mat deem virleiende Projet de loi ass awer och d'Chance verpasst ginn, fir Ponts et Chaussées ze dynamiséieren, neie Wand an dës Verwaltung eranzebréngen. Eng Verwaltung, déi gutt Leit huet, a wou déi grouss Experienz an d'Wësse vun de Leit dat gréisste Kapital ass. Ëmsou méi verwonnert si mir vun där strikter „top-down"-Approche vun der Regierung, bei där ee Chef décidéiert, mat zwee Adjointen, déi keng speziell Attributiounen hunn a just den Direkter ersetzen, wann hien net do ass. All déi aner Mataarbechter ginn zu Exécutanten degradéiert. Esou gesäit eng modern Gestioun vun enger Verwaltung a vun de Ressources humaines net aus!

Eng Verwaltung, déi iwwer esou vill Divisiounen a Servicer verfügt, déi iwwert d'ganzt Land verstreet sinn, a wou een déi verschiddenst a villfältegst Attributiounen a Missiounen erëmfënnt, kann een nëmmen effizient leeden, wann een d'Verantwortung op méi Schëllere verdeelt. D'DP wier duerfir op de Wee vun engem Comité de direction gaangen, dee mat iwwert d'Détails d'organisation an d'Fonctionnementsmodalitéiten décidéiert hätt.

Als Demokratesch Partei plädéiere mir fir eng manner systematesch, eng manner „top-down"-Approche. Et geet eis drëm, d'Mataarbechter, déi vill gutt Mataarbechter, méi ze responsabiliséieren a si aktiv an d'Zilsetzungen an an d'Objektiver vun deene verschiddenen Divisiounen a Servicer anzebannen.

Am initialen Text gouf sech d'Méiglechkeet opgehalen, fir d'Division de voirie sud an d'Division de voirie nord duerch groussherzoglecht Reglement ze fusionéieren. Et gouf awer kee Pipcheswiertchen iwwert de Bien-fondé vun esou enger Fusioun verluer. Duerfir wollt ech de Minister froen, ob et Pläng gëtt fir esou eng Fusioun oder aner Restrukturatioune vu bestehende Servicer.

Eis als Demokratesch Partei ass et wichteg, datt dës Verwaltung dezentral organiséiert bleift an an engem partnerschaftleche Geescht mat de Gemenge funktionéiert. D'Ponts et Chaussées an d'Gemenge mussen Hand an Hand zesummeschaffen an do, wou et méiglech ass, Synergien

agoen, fir déi öffentlech Finanzen net onnéideg an duebel ze belaaschten. An dësem Sënn wëll ech och ausdrécklech begréissen, datt d'Propositioun vum Conseil d'État, datt all Aarbechte fir de Kont vun de Gemenge missten a Rechnung gestallt ginn, net zréckbehale ginn ass.

Här President, d'Demokratesch Partei ass selbstverständlech voll a ganz domat d'accord, datt déi perséinlech Situatioun vun eenzelnen Agenten, déi ënnert dem Regime vum Employé de l'État agestallt goufen, regulariséiert gëtt. Fir esou eng technesch Verwaltung, wéi d'Ponts et Chaussées eng ass, ass eng virauskuckend Personalpolitik vun entscheedender Bedeitung. Et ass wichteg ze kucken, wéi eng Leit mat wéi engem Profil an der Zukunft gebraucht ginn, fir den Erausfuerderungen, déi un d'Verwaltung gestallt ginn, gerecht ze ginn.

D'Fraktioun vun der Demokratescher Partei wäert dëse Projet net stëmmen, well d'Regierung et net fäerdeg bruecht huet, de Geescht vun enger nohalteger Entwécklung konsequent an dës Verwaltung afléissen ze loossen an e Paradigmewiessel, deen et um Regierungsniveau theoretesch gëtt, och um Administratiounsniveau mat Liewen, mat nohaltegem Liewen ze fëllen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci dem Här Fernand Etgen. Als nächste Riedner ass den Här Roger Negri agedroen.

**M. Roger Negri** *(LSAP)*.- Här President, ech wëll dem Rapporteur Lucien Clement Merci soe fir säi gudden an ausféierleche Rapport. Mir hoffen a gesinn och, dass domadder d'Ponts et Chaussées mat dësem Gesetz gutt opgestallt ass, fir hir Kärmissioune kënnen ze erfëllen. Mir setzen och weider op déi gutt Zesummenaarbecht tëschent de Ponts et Chaussées an de Gemengen, dass dat och esou weidergeet. An ech mengen, dat ass an deem neie Gesetz garantéiert, a ginn domadder den Accord zu dësem Projet de loi.

Merci.

**M. le Président**.- Merci dem Här Roger Negri. Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen.

**M. François Bausch** *(déi gréng)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi dës Regierung d'lescht Joer ugetratt ass an eng Rei Ministërë regruppéiert huet an dorausser ee groussen, et ass geschriwwe ginn deemools an der Press, e „Superministère" gemaach huet, deen heescht de Ministère vum Développement durable, du ware mir als Gréng eigentlech gudde Mutts, well mer fonnt hunn, datt mindestens eng Rei Saachen, déi hei zesummegeluecht gi sinn - an ech denken do speziell un den Aspekt Transport, den Aspekt Bauten- a Landesplanung -, datt dat dee richtege Wee wär, an datt eigentlech dorauser och elo inhaltlech eppes misst geschéien, dat heescht, datt och en anere Geescht an Zukunft misst an der Aarbecht no baussen tëschent deenen dräi Entitéiten, fréiere Ministèren, wat elo dräi Entitéite vun engem Ministère sinn, geschéien.

Ech muss awer soen, datt bis elo - ausser an der Kommissioun, wou ech de Minister drop ugeschwat hunn, am Kader vun dësem Projet, an ech eng Rei Erklärunge kritt hunn, datt géif gekuckt ginn oder amgaang wär ze kucken, wéi dann elo déi eenzel Departementer solle méi zesummeschaffen, eng gewëssen transversal Kompetenz do soll kommen - um Pabeier nach net schrecklech vill do ass.

Wat mer awer hei um Pabeier leien hunn, dat ass effektiv d'Reform vun enger, ech wëll net soe vun iergendenger Verwaltung, well et ass déi gréisste Verwaltung, déi mer am Stat iwwerhaapt hunn, nämlech d'Stroossebauverwaltung. Et ass, géif ech souguer soen, déi mächtegst Verwaltung, déi mer am Statsapparat hunn, well si huet net nëmmen ze dinn - am Numm vum Stat schafft se fir d'Allgemengheet -, mä si huet vill mat Gemengen ze dinn an esou weider, dat ass scho virdru gesot ginn. Dat heescht, mir hunn am Fong en Text hei virleien, deen och vun der leschter Regierung eigentlech jo schonn ofstaamt, wou d'Stroossebauverwaltung sollt moderniséiert ginn.

Eppes, wat sécherlech och noutwendeg ass, mä wat awer an der Konsequenz derzou féiert, datt, vu datt mer nach ëmmer an där aler Logik sinn, mer zwar en neie Ministère gegrënnt hunn - déi aner politesch Strukturen nach net bestinn, mä vun deenen ech och nach wäert schwätzen -, an datt mer déi Verwaltung, déi nach ëmmer no bannen hin awer ganz staark an der Logik vum leschte Jorhonnert fonctionnéiert, wat d'Verkéiersspolitik ubelaangt, datt mer déi heimadder bëtonéieren. Dat passt och gutt, dat Wuert hei „bëtonéieren", et ass jo eng Verwaltung, déi vill mat Bëton schafft, dat heescht, mir festegen déi elo definitiv.

Et ass net zu engem Rééquilibrage komm, weder tëschent deenen eenzelne Verwaltungen, et muss een och iwwregens soen, datt, wann ech kucken, wéi den Transportministère zum Beispill opgestallt war virdu par rapport zu där heiter Verwaltung oder zum Bauteministère en général, da war dat eigentlech e schwaach opgestallte Ministère - dat huet elo näischt ze di mat deene Leit, déi do schaffen, selbstverständlech -, mä ech menge schwaach opgestallt am Sënn, wéi en équipéiert war, wat fir eng Leit do geschafft hunn, wéi vill Leit do geschafft hunn.

An duerfir fäerte mir op alle Fall ganz kloer, datt, wann net relativ séier um Niveau vun de politeschen Décisiounen dat elo geschitt, wat misst geschéien, nämlech, datt mer déi transversal Entscheedungskraaft, déi Planungskraaft, déi mer do brauchen, kréien, datt dann dat nach derzou féiert, datt eben déi Verwaltung hei nach méi mächteg gëtt, wéi se scho virdru war par rapport zu den aneren Entitéiten.

Vun der Landesplanung brauche mer guer net ze schwätzen, déi war nach méi schlecht opgestallt virdru par rapport zu där heiter Verwaltung. An et muss een och soen, datt dat alles eigentlech net normal ass. Mir hunn hei am Land en enorme Retard an der Approche, an der politescher Approche an deenen dote Beräicher.

Wann Der Iech emol ukuckt, wat a Frankräich zum Beispill de Fall ass. Ech wëll net soen, datt a Frankräich alles tipptopp leeft, mä mindestens ass et vun der Aart a Weis, wéi a Frankräich d'Ministèren organiséiert ginn… Do gëtt et e Ministère du Transport et de l'Aménagement du territoire, scho laang, an do huet den Aménagement du territoire zum Beispill scho ganz laang ganz wäitgehend Kompetenze par rapport zu der Verkéiersplanung, zum Beispill, déi an den Zesummenhang bruecht gëtt mat Siedlungspolitik. Datt se net ëmmer am beschten agesat gëtt, och a Frankräich, dat ass eng aner Diskussioun, mä mindestens besteet d'Kompetenz.

Och an Däitschland heescht de Bundesministerium für Verkehr, Bau und Stadtentwicklung. Och dat zum Beispill, deen Aspekt Stadtentwicklung, ass eppes, wat een an deem heite Kontext vill misst mat iwwerleeën, well vill Stadtentwicklung mat drun hänkt.

Mir mussen och wëssen, datt d'Mobilitéit - et ass virdru gesot ginn, et wär e wichtege Facteur an der Kompetitivitéit vun eisem Wirtschaftsstanduert, dat ass richteg, dat wäert och esou bleiwen, mä et wäert sech awer och staark veränneren - wäert sech staark veränneren, well engersäits och bei de Besoinen, déi an de Betriber leie fir d'Mobilitéit vun haut, déi Besoinen haut anescht sinn, an nach méi anescht wäerte ginn an nächster Zäit, wéi se am leschte Jorhonnert waren.

Et wäert vill méi och bei de Betriber, zum Beispill, d'Demande komme fir méi öffentlechen Transport. Dat huet eleng scho bei ville mat Image ze dinn entre-temps, well ee quasiment och am Sënn vun der nohalteger Entwécklung net méi gutt dosteet, wann een net do och Effortë mécht. Mä et huet awer och mat Effizienz ze dinn, vun de Betriber selwer. Et huet awer och ze di mat Energiefroen, déi hannendrun hänken, mat Ëmweltfroen, déi hannendrun hänken, Klimaproblematik. An alles, déi Saachen do sinn, et deet mer schrecklech leed, net esou an de Käpp verankert vun där heiter Verwaltung, iwwert déi mer haut schwätzen, wéi se dat misste sinn.

Ech wëll nëmmen e puer Beispiller eraus zitéieren, wou mer - eent huelen ech eraus, well dat ass eent, ech wëll dat am positive Sënn weisen, wou mer e bëssen evoluéiert hunn - wann ech d'Busspuren, zum Beispill, kucken als eng Prioritéit jo och vun dëser Regierung, esou war déi heite Verwaltung nach bis, nach net esou laang hier, eng Rei Joren eréischt hier, net onbedéngt fervente Verfechter vu Busspuren. Si waren éischter géint Busspuren.

Et ass och éischter, menger Meenung no, well hiren aktuellen Direkter do extrem positiv evoluéiert huet, menger Meenung no, a sech entre-temps souguer staark engagéiert fir deen Aspekt, firwat datt d'Busspuren haut an där Verwaltung do eng aner Roll spillen. Mä ech woen awer net drun ze denken, wann deen Direkter a Pensioun geet, jee nodeem, wien a seng Plaz dohinner kënnt, wéi et dann erëm ausgesäit.

Dat heescht, wat ech domadder wëll soen, dat ass näischt, wat fest verankert ass an der Denkweis vun där doter Verwaltung. Eigentlech gehéiert et och net dohinner, well eigentlech ass et guer net un der Stroossebauverwaltung, fir iwwerhaapt ze definéieren, wou eng Busspur soll hikommen a wou keng soll hikommen.

An dat ass nämlech de sprangende Punkt! De sprangende Punkt ass deen, datt an deem Ministère hei misst e Planungsstab geschafe ginn, deen d'Mobilitéit plangt, wou Verkéiersingenieuren drasëtzen, wou Geographen drasëtzen, wou Urbaniste souguer drasëtzen, Stadentwécklungsplaner drasëtzen, an déi missten d'Virgabe gi fir d'Gesamtmobilitéit, an d'Stroossebauverwaltung misst just dann nach exekutéieren, wat se vun deem Planungsstab gesot krit.

Dat heescht am Kloertext, zum Beispill, wou da Stroosse solle gebaut ginn, a wou Busspure sollen hikommen, oder wou eng Schinn soll geluecht ginn, dat misst op där Ebene décidéiert ginn, an d'Stroossebauverwaltung kritt da just nach gesot: Voilà, mir hunn an engem Gesamtkonzept décidéiert, wat wou soll hikommen, mir brauchen och dräi nei Stroossen, elo ass et un Iech, mat Ären Ingenieuren, fir déi Strossen ze plangen an ze kucken, datt mer déi méiglechst séier realiséiert kréien.

Mä de Moment funktionéiert et éischter ëmgedréit. Wéi gesot, de Moment funktionéiert et éischter esou, datt an där Verwaltung do verkéierspolitesch Décisioune geholl ginn, wat menger Usiicht no, oder eiser Meenung no, op alle Fall net däerft sinn. Déi missten op engem aneren Niveau geholl ginn.

Dee Ministère, deen huet de Moment fënnef Beräicher, en huet Landesplanung, en huet den Transport, en huet Bauten - also normal klassesch Bauten, Héichbau, Stroossebau - an den Ëmweltberäich. An et ass esou, datt et wichteg ass, datt mer déi horizontal Planungsstruktur kréien, an datt déi d'Décisiounen hëlt iwwert d'Gesamtmobilitéit mat all hire Facetten, vum Individualverkéier iwwert de Foussgänger, iwwert de Vëlofuerer bis Bus an Zuch, an dann ënnendrënner déi eenzel Entitéiten, eenzel Departementer vum Ministère nëmmen derfir do sinn, fir dat ze exekutéieren, wat de Planungsstab uewendriwwer décidéiert huet.

Dat ass dat, wéi mir mengen, wéi esou e Ministère misst haut funktionéieren, an et ass och dat, wat dann deem géif gerecht ginn, wat mer gären hätten, nämlech datt ee sech muss bewosst sinn, datt haut d'Mobilitéit méi ass, wéi nëmmen einfach eng Strooss ze bauen oder einfach eng Schinn iergendwou ze leeën, mä datt et wierklech ee vun den essenziellen, zentrale Politikberäicher ass haut an eiser Gesellschaft, well eben esou villfälteg Saachen domadder zesummenhänke wéi Ëmweltpolitik, Energiepolitik, Klima-, Wirtschaftspolitik an esou weider.

Iwwregens erkläert dat och, firwat an der Vergaangenheet, wann een zu Lëtzebuerg kuckt: Mir haten ëmmer eng schlecht Traditioun par rapport zu dem Transportministère. Den Transportministère ass an der Vergaangenheet - wéi deen nach isoléiert funktionéiert huet an eigentlech dofir do war, fir de Contrepart jo auszeschaffen zu dem Stroossebau - extrem stiefmütterlech behandelt ginn, sougutt personell, wéi e besat ginn ass, wéi och an deem, wat en iwwerhaapt ze soen hat. An ech mengen, et ass genau dat, wat awer feelt.

Mä, wéi gesot, mir fäerten, datt dat, wat elo hei geschitt, dee Schratt, dee mer haut erëm weider hei maachen, datt dat just eng Zementéierung ass vum Vergaangenen, an datt een eigentlech fir d'Éischt hätt missen dat schafen, wat ech elo just beschriwwen hunn, an dann natierlech selbstverständlech och déi heite Reform maachen. Evidenterweis verdéngt déi Verwaltung hei och eng Moderniséierung.

***(Mme Anne Brasseur prend la présidence.)***

Et ass richteg, wat den Här Clement gesot huet. Ganz sécherlech si fir déi Verwaltung selwer an hir Aarbechtsweis vill Saachen haut anescht, wéi se waren nach virun 20 Joer. An duerfir hu mir och, wéi gesot, domadder eigentlech kee Problem, mä mir mengen, datt mer hei hannevir ufänken a riskéieren, wéi gesot, net déi Entwécklung ze kréien, déi mir gären hätten, a wou mer eis eigentlech e bëssen och gefreet haten, wéi de Ministère gegrënnt ginn ass.

Wann Der Iech - ech hu mer déi Méi gëschter gemaach, ech sinn an Däitschland kucke gaang, dee Ministère gekuckt, wéi dee sech virstellt eleng, de Bundesministerium für Verkehr, Bau und Stadtentwicklung -, wann Der dat vergläicht mam aktuellen Nohaltegkeetsministère, wéi dee sech presentéiert, do eleng leie scho Welten dertëschent, an do gesäit een, wat eigentlech vu Sensibilitéit feelt. Ech géif Iech wierklech uroden, Iech déi Méi ze maachen, dat emol ze kucken, an da verstitt Der eigentlech och schonn, wou de Grondproblem wär.

Aus deene Grënn och, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ass et och fir déi gréng Fraktioun dann dëse Moment net méiglech, fir dëse Projet ze stëmmen.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**Mme le Président**.- Merci dem Här Bausch. Deen nächste Riedner ass den Här Hoffmann.

**M. André Hoffmann** *(déi Lénk)*.- Madame Presidentin, ech sinn engersäits d'accord mat där Kritik, déi hei ausgeübt gëtt. Ech mengen och, dass eng Reflexioun hätt misse stattfannen iwwert d'Struktur vun den Administratiounen am Kader vum Ministère vun der nohalteger Entwécklung, fir wierklech och de Kritäre vun enger nohalteger Entwécklung an engem integréierten, vernetzte Sënn gerecht ze ginn.

An ech verbannen da vläicht awer, e bëssen onbescheiden, déi Remarque vläicht mat der Ufuerderung un d'Regierung, fir dann awer - och wann dee Projet de loi elo hei majoritär gestëmmt ass - déi Reflexioun nach nozehuelen an eng Verännerung vun deene Strukturen hei an der Chamber nozereechen.

Anerersäits sinn ech natierlech d'accord mat deene Moossnamen, déi d'Statutesituatioun vu verschiddene Beamte regulariséieren, an duerfir wëll ech mech enthalen.

**Mme le Président**.- Et ass kee Riedner méi soss ageschriwwen. Dann huet d'Regierung elo d'Wuert.

**M. Claude Wiseler,** *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Madame Presidentin. Déi Geschicht vun der Administratioun vun de Ponts et Chaussées ass schonn eng ganz laang Geschicht, 1843 huet se ugefaangen. Dat wëll ech Iech awer net alles erzielen, well et ass interessant, och wéi dat an deene leschte Joren d'Geschicht vu Lëtzebuerg mat begleet huet. 1974, an dat wëll ech soen, war dee leschten Text, dee gemaach ginn ass iwwert dës Administratioun, a wou och sengerzäit beschriwwe ginn ass, wéi déi Administratioun sollt funktionéieren.

D'Welt huet natierlech, an haaptsächlech d'Mobilitéit huet jo awer an deene leschte 36, 37 Joer zolidd geännert, an duerfir war et an dësen Zäiten absolut noutwendeg,

datt mer eng Modernisatioun vun de Gesetzestexter gemaach hunn, fir kloer an däitlech ze beschreiwen, wat d'Missioune vun der Administratioun vun de Ponts et Chaussées sollen an Zukunft sinn. An déi Missiounen - an ech kommen duerno nach eng Kéier dorobber zréck -, déi si geännert, sécherlech, a wäerten an deenen nächste Joren och geännert gi par rapport zu deem, wat an deene leschten zéng, 20 Joer de Fall war.

Ech hunn der Oppositioun elo, deenen engen an deenen aneren, gutt nogelauschtert. Ech muss natierlech soen, datt ech iwwerhaapt net d'accord si mat der Analys, déi hei vun der Oppositioun gemaach gëtt, an ech wëll och soen, firwat ech net domadder d'accord sinn.

Ech stellen awer fir d'Éischt fest, datt déi Analys zu engem Deel kontradiktoresch ass. Wann ech bei der DP héieren, datt een hätt missen higoen, fir der Administratioun vun de Ponts et Chaussées méi eng generell Aufgab ze ginn, well eben d'Mobilitéit wesentlech iwwert d'Stroossen an d'Brécken erausgeet, a well een dat muss méi global upaken, héieren ech op där anerer Säit bei deene Gréngen, déi soen: Neen, dat soll just eng basistechnesch Administratioun sinn, an d'Décisiounen an d'Planifikatioun, dat muss enzwousch anescht geholl ginn.

Also, do soen ech awer och, bei deenen engen a bei deenen aneren ass awer dann eng total aner Richtung vun deem, wat hei proposéiert gëtt. Dat ass also net, fir d'Oppositioun auserneenzedreiwen, well si si souwisou net zesummen, duerfir brauch ech se net auserneenzedreiwen.

***(Interruptions)***

Mä ech wollt awer just feststellen, wéi deen Text hei vun deenen engen a vun deenen anere gekuckt gëtt. An ech wëll lech och elo soen, wéi ech dat Ganzt gesinn, a firwat mer deen Text esou gemaach hunn, a firwat mer en och iwwerholl hunn, well effektiv, dat ass richteg, ass et en Text vun där aler oder fréierer Regierung. Et ass awer en Text vun deemselwechte Minister, deen hei erabruecht ginn ass, och fir do d'Kontinuitéit awer ze weisen.

Déi éischt Fro, dat ass a sech déi: Wou soll Technik gemaach ginn, a wou sollen Décisiounen, Planifikatioun an d'Politik gemaach ginn? An do ass et fir mech kloer an däitlech: D'Politik, déi muss, déi soll an déi wäert och an Zukunft am Ministère gemaach ginn. Do maache mer d'Koordinatioun an néierens anescht. An ech wëll och, datt dat esou bleift, well ech et ganz einfach fannen, datt, wann een eng Mobilitéitspolitik mécht, ob dat elo vun der Schinn a vun der Strooss ass, da wëll ech, datt déi och, well dat politesch Décisioune sinn, da wëll ech do och déi décidéiere loossen, wou d'Politik stattfënnt. An dat ass an de Ministèren.

Duerfir gëtt et duerchaus Sënn, fir ze soen, mir huelen e grousse Ministère vum Développement durable an den Infrastrukturen zesummen. Mir ginn deem den Transport, mir ginn deem d'Travaux publics, d'Ëmwelt, a mir ginn em haaptsächlech den Aménagement du Territoire. Ech hunn drop gehalen an där Diskussioun, déi mer haten, datt bei déi grouss Struktur do och géif den Aménagement du Territoire derbäikommen, well ech ganz einfach mengen, datt dat dat Instrument ass, wat dee Ministère brauch, fir déi zukünfteg Planifikatioun ze maachen.

Et ass och esou, wou mer am Ministère an d'Organisatioun eraginn, datt den Aménagement du Territoire e Lead soll hu mat deenen anere Fonctiounen aus deenen aneren Departementer ronderëm een, e Lead soll hunn, fir d'Planifikatioun, d'Konzeptioun vun deem, wat an Zukunft u Mobilitéitspolitik kënnt, ze maachen.

Do brauche mer selbstverständlech all déi aner Kompetenzen, mä et ass awer kloer, wou et soll higoen. An da wëll ech net dozwëschent nach eng nei Institutioun schafen, oder eng nei Administratioun oder eng nei Stell schafen, well dat huet wierklech mat Simplification administrative net vill ze dinn, wann ech nach en neit Gremium dohinner setzen, wat dann en Avis gëtt, Décisiounen hëlt oder proposéiert...

***(Interruption)***

Maacht de Mikro un!

**Mme le Président**.- Här Bausch!

**M. François Bausch** *(déi gréng)*.- Här Minister, et ass ganz sécher net, datt mir nach eng schwéierfälleg Ebene wollten, also en neit Gremium wollten dertëschent schafen. Mä ech mengen awer, wéi Der dat och selwer beschreift, wann d'Politik soll am Ministère geholl ginn, da muss een awer do e Planungsstab hunn am Ministère selwer, deen d'Décisiounen hëlt an da sengen eenzelnen Departementer seet, wat soll ze geschéien hunn. Et ass am Fong dat, wat ech vermëssen de Moment, dee Planungsstab.

**M. Claude Wiseler,** *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Selbstverständlech ass et schonn zu engem groussen Deel en place gesat ginn, an domat si mer och nach amgaang, well dat brauch jo och Zäit fir et ze finaliséieren. Dat mécht een net vun engem Dag op deen aneren. Dat si mer selbstverständlech och amgaang an deem Betrib do ze maachen.

Mä dat ass natierlech keng legislativ Aufgab, well d'Kompositioun an d'Organisatioun, déi de Minister a senge Betriber huet, dat gëtt am Ministère décidéiert an dat muss de Minister décidéieren. Domat kënnt en net an d'Chamber, fir ze soen, wéi en de Ministère soll organiséieren. Par contre, d'Organisatioun vun enger Administratioun, an dofir si mer haut hei, déi gëtt hei an der Chamber, zumindest gesetzlech festgehalen.

Also wëll ech kloer soen, politesch Décisioune sollen an de Ministère kommen. Dat muss esou organiséiert ginn, datt mer déi Décisioune kënnen do huelen. An dann alles dat, wat d'Planifikatioun vun deenen eenzelne Projeten, wat d'Konzeptioun, wat d'Bauten an den Entretien ass, dat ass d'Aufgab vun de Ponts et Chaussées, soll och d'Aufgab vun de Ponts et Chaussées bleiwen.

Ech hunn ëmmer, och bei aneren Administratiounen drop gehalen, datt mer hei net zweegleiseg fueren. Datt net op där enger Plaz an op där anerer Plaz datselwecht gemaach gëtt. Ech hätt gär an den Administratiounen déi ganz Technik an déi ganz Kompetenz vun der Technik, an ech hätt gär an de Ministère alles dat, wat dat Juristescht, dat Ekonomescht an dat Planerescht ass, datt mer dat kënnen, well dat ass eng ministeriell Aufgab, do maachen.

Wann Der och kuckt déi Leit, déi mer rekrutéieren an de Ponts et Chaussées, zousätzlech duerch dat Gesetz, da gesitt Der, datt dat lauter Ingenieuren, Ingénieurs techniciens, Chimisten, Informatiker, Expéditionnaires techniques an informatiques sinn, einfach fir deene Fonctioune gerecht ze ginn, an ech wëll déi Trennung vun de Kompetenze bäibehalen, well soss komme mer an d'Gewulls eran. Et soll kloer an däitlech sinn, jiddweree wëssen, wat e mécht.

Da gëtt gesot, Dir misst déi Administratioun dann och mat aneren Administratiounen nach zesummesetzen, fir datt déi ganz Mobilitéit kann ëmgesat ginn an enger grousser Administratioun. An da froen ech mech: Jo, mat wat fir enger dann? Wat fir eng mécht dann nach aner Mobilitéitskonzeptiounen? D'Äntwert ass den Héichbau - do mengen ech awer elo et, datt dat vill ze dinn huet mat Mobilitéit - an d'CFL.

Elo ass da meng Fro: Soll ech dann d'Ponts et Chaussées mat den CFL zesummesetzen, fir eng grouss Administration des CFL et des Ponts et Chaussées ze maachen? Soen ech awer och, dat liicht mer awer och net an, well dat absolut net sënnvoll gëtt. Hei hu mer zwee absolut separat Métieren, Schinnebau a Stroossebau ass eppes anescht. A wann ech et an d'Realisatioun ëmsetzen, da soll dat och vun deene verschiddene Métiere schéi propper getrennt bleiwen.

***(Interruption)***

Ech maachen de Saz fäerdeg, an da sinn ech frou, wann Der mer eng Fro doriwwer stellt. Sollen also zwee separat Métiere bleiwen. Et muss selbstverständlech um Terrain koordinéiert ginn. An déi zwou Administratioune schaffen dagdeeglech zesummen. All grouss Projeten, wou deen een an deen anere concernéiert ass, ass et iwwerhaapt kee Problem, fir déi Kollaboratioun ze organiséieren. Dir hutt dat souwuel an deene leschte Wochen a Méint gesinn, wéi mer grouss Chantieren haten, notamment ab dem Contournement vun der Stad Lëtzebuerg, wou souwuel d'Schinn, wou Brécken hu misse frësch gemaach ginn, wou mer d'Autobunn zougemaach hunn, a wou d'Ponts et Chaussées en collaboration mat den CFL profitéiert huet, fir eng ganz Serie vun Aarbechten ze maachen. Besser kann déi Kollaboratioun net schaffen.

Da schreiwe mer och nach an deem Text hei an, datt d'Ponts et Chaussées d'Méiglechkeet huet, en sous-traitance vun aneren Administratiounen, notamment vun der CFL, ze schaffen, wann dat sech dann als sënnvoll erweist. Also, all déi Méiglechkeete gi mer eis hei, an dofir mengen ech, ass dat hei deen uerdentlech a korrekte Wee. An d'Planifikatioun gëtt am Ministère gemaach an do ginn déi ganz Saachen zesummegefouert.

**Mme le Président**.- Den Här Bausch wollt lech eng Fro stellen.

**M. François Bausch** *(déi gréng)*.- Ech wollt just d'Fro stellen: Wa mer d'Beispill huele vun de Busspuren, soit datt eng Busspur op enger Strooss agezeechent gëtt. Do schéngt et mir awer nach evident ze sinn, datt d'Verkéiersplanung, fir ze kucken, wéi sinn d'Fluxë vum Verkéier a firwat brauche mer do eng Busspur, datt dat net ka bei Ponts et Chaussées décidéiert ginn, zum Beispill.

Oder wann ech d'Beispill huele vum Aktiounsplang fir de Vëlo, dee jo de Ministère elo wëllt an d'Praxis ëmsetzen: Wou ginn dann do d'Décisioune geholl? Déi ginn awer, huelen ech un, net do geholl. Déi mussen dach op engem Niveau driwwer geholl ginn, well soss komme mer erëm an d'Logik - wéi gesot, dat ass mënschlech.

Déi Leit, déi an der Stroossebauverwaltung am Moment fonctionnéieren, déi hunn hir Aart a Weis fir ze fonctionnéieren, déi besteet nun dran, datt se gär Stroosse bauen a virun allem d'Prioritéit duerfir am Individualverkéier gesinn. An do ginn net ëmmer déi Verknäppunge gesinn, wéi se misste gesi gi par rapport zu aner Verkéiersträger. An et ass awer dat, wat mer feelt, ech soen dat Riedchen do, fir dorunner ze dréien, datt mer do eng Änderung kréien.

**M. Claude Wiseler,** *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Also, mir hu jo an deene verschiddene Ministèren - notamment den Transport ass elo an dee grousse Ministère eriwwerkomm - eng Verkéierskommissioun. An där Verkéierskommissioun gëtt et eng Rei Aarbechtsgruppen, wou déi eenzel Departementer, Administratioune vertruede ginn. Notamment gëtt et do eng iwwert d'Vëlospisten an notamment gëtt et do eng iwwert d'Busspuren, an déi maachen eng gemeinsam Aarbecht, fir déi Konzeptioun do hinzekréien, souwuel wou Busspure sollen hikommen, wéi se sollen ausgesinn, well mer och amgaang sinn, do eng ganz Rei nei Modeller auszeschaffen. Déi sinn amgaang, e ganzt Dokument ze maachen, wéi dat Konzept soll an deenen nächste Joren an d'Realitéit ëmgesat ginn; a par ailleurs si mer schonn amgaang, e groussen Deel vun deem Konzept do ëmzesetzen, mä dat ass eng aner Diskussioun.

Do entsteet déi Politik an do gi Virschléi gemaach, a selbstverständlech ass et dann um Minister, fir ze entscheeden, jo oder neen, datt mer dat eent an dat anert maachen. An et ass un der Chamber, fir eis de Budget ze stëmmen, fir datt mer et kënne maachen. Esou, mengen ech, muss dat fonctionnéieren, anescht geet et guer net als Fonctionnement.

D'Zilsetzung vun dësem Text war awer och nach, datt mer déi Missiounen, déi d'Ponts et Chaussées huet, eng Kéier iwwerkucken an erneieren. An do kommen ech erëm op dat zréck, wat Der elo gesot hutt. Déi al Missiounen, déi se hat fir d'Planifikatioun, d'Konstruktioun, den Aménagement, den Entretien vun der Voirie de l'État a vun den Ouvrages d'art, sti selbstverständlech nach dran.

Et kommen awer eng Rei nei Missiounen derbäi. Nei Missiounen, déi elo schonn en parallèle gefouert gi sinn, déi awer wesentlech sinn, datt se och hei wierklech au même titre drasti wéi déi klassesch Missiounen. Dat ass alles, wat d'Couloirs d'autobus, Plates-formes multimodales, Vëloen, Gestion du trafic - enorm wichteg, well mer hei eng Divisioun vun der Gestion du trafic schafen -, plus Ouvrages d'art.

Et ass net, datt do muss d'Konzeptioun an d'Planifikatioun vun dem gesamte Réseau gemaach ginn. Mä ech hätt awer gär, datt d'Ponts et Chaussées als Missioun vun der Konstruktioun hätt, datt och déi do Ouvragen, Couloirs d'autobus a Vëlo normal géifen drastoen.

Si baue gär Stroossen, dat ass hir Missioun. Ech sinn och frou, datt se hir Missioun gär maachen. Mä ech wëll awer och hannendrun, datt jiddwerengem bewosst ass, datt d'Missioun fir Stroossebau och déi ass, datt op de Stroossebau haut spezial Piste fir den öffentlechen Transport a fir d'Mobilité douce gehéieren. Dat gehéiert zum Stroossebau, an duerfir brauche mer ënner anerem och nach an Zukunft an deenen nächste Jore Stroossebau.

Dann - an dat steet net dran, well mer et aus dem Text eraus hu missen huele wéinst dem Conseil d'État, deen eis gesot huet, mir sollen dat iwwert de Règlement grand-ducal maachen - ass och eng Reorganisatioun vun de Ponts et Chaussées telle quelle virgesinn, déi elo hannendru kënnt. An ech wëll awer e puer Saachen doriwwer soen.

Dat Éischt, dat ass, datt mer wierklech probéiert hunn hei, eis der Zäit vun haut unzepassen. Et gëtt an Zukunft eng nei Division des travaux neufs gemaach, déi sech also just ëm den Neibau vu grousse Projete soll bekëmmeren. An ech mengen, dat ass wichteg, och fir déi Kompetenz vum Neibau ze staffelen op enger Plaz. Dat kréie mer da besser hin.

Et gëtt eng Division voirie nord, Division voirie sud gemaach. Dat ass d'ailleurs haut och schonn de Fall, dat hu mer haut och schonn, a mir hunn am Text stoen, datt, wann eng Kéier et géif als sënnvoll gesi ginn, fir déi zwou zesummenzeschloen an nëmmen eng Divisioun draus ze maachen, dann ass dat méiglech. Dat hate mer am Text virdru stoen, ass jo elo erausgeholl ginn duerch den Avis vum Conseil d'État. Et steet also elo net méi dran. Mä vu datt d'Organisatioun am Règlement grand-ducal souwisou gemaach gëtt, kéint dat och duerch Règlement grand-ducal geännert ginn.

Är Fro, Här Etgen, dat war: Ass dat virgesinn? D'Äntwert ass: Neen, et ass elo net virgesinn an et sinn och keng esou Pläng, déi elo reell an deenen nächste Joren doleien, fir ëmgesat ze ginn. D'Méiglechkeet, wann een et wéilt, war fréier awer am Text dran.

Mir wëllen och weider mat de Services régionaux fueren; dat war jo déi aner Suerg, déi Der ausgedréckt hutt. Wichteg ass, datt d'Ponts et Chaussées an hire Basisfonctiounen och no bei de Gemengen ass, no bei de Bierger ass, an d'Services régionaux, esou wéi se elo existéieren, wäerten och weiderfueren als Proximitéitsservicen. An ech kommen duerno drop zréck, just datt e puer Saache wäerten zentral gemaach ginn, notamment an den Ateliers centraux. Mä ech soen nach ee Wuert doriwwer.

Et ass eng DOA geschaaft ginn, eng Division des Ouvrages d'Art, fir dat och besser a méi prezis ze handelen. A wat fir mech wichteg ass, dat ass, datt och virgesinn ass, datt mer en eegestännege Service schafen iwwert d'Exploitation de la grande voirie et de la gestion du trafic.

Well et haut och méi wéi jee wichteg gëtt, datt mer déi Instrumenter, CITA, anerer an zukünfteger kënnen net als Niewesektioun vun enger Divisioun, mä als eng vun den Haaptdivisiounen an de Ponts et Chaussées an Zukunft fonctionnéiere loossen. Et geet net nëmmen drëm, Stroossen ze bauen. Et geet och drëm, déi Gestioun vun de Stroossen op eng effikass Aart a Weis ze maachen. Dat ass also eng nei Divisioun, déi entsteet.

De Laboratoire ass eppes, wat mer kennen, Service géologique ass eppes, wat mer kennen, Informatikservice gëtt och nei gegrënnt, dee sech ëm d'sämtlech Informatik soll bekëmmeren. An dann zwou Neiegkeeten, déi am Règlement grand-ducal wäerte sinn an duerno och an d'Realitéit ëmgesat ginn, dat sinn d'Ateliers centraux, déi mer amgaang sinn zu Bartreng ze bauen.

Haut ass et anescht wéi fréier. Haut si mer mat ganz grousser Technologie an de Ponts et Chaussées beschäftegt. Haut hu mer extrem vill Gefierer, déi mussen en Entretien hunn, en héich techneschen Entretien. Duerfir sinn déi Ateliers centraux do, déi zu Bartreng gebaut ginn, an dat wäert dann och zentral géréiert ginn, well mer eis net méi capabel fillen, alles op alle Plazen ze maachen. Et ginn also an deenen eenzelne Services régionaux nach kleng Reparature gemaach an de Rescht vum Entretien wäert an Zukunft zentral gemaach ginn.

En aneren neie Punkt, deen och wichteg ass, dat ass, datt mer e Service vum „géomètre et de la photogrammétrie" maachen. Wat huet dat als groussen Avantage? Mä et huet als groussen Avantage, datt dësen Text virgesäit, datt mer e Géomètre officiel kënnen an de Ponts et Chaussées hunn. Wat hëlleft dat eis? Mä dat hëlleft eis, datt mer déi ganz Emprisen, an dat ass fir d'Gemenge wichteg, et ganz auszemoosse vun den Emprisen, an dee Moment och d'ganz Bezuelen, d'Ausbezuele vun de Leit, déi eis Emprisë verkafen, och vill, vill méi schnell hoffentlech kënne maachen an heiduerch och all déi Terrainsproblemer, déi mer heiansdo hunn, kënne léisen.

Ech mengen, dat ass och e wesentleche Punkt, deen eis an der Praxis, an der Realitéit wäert weiderhëllefen. Dat ass och selbstverständlech mam Kadaster ofgeschwat a mat hinnen duerchgekuckt.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren, well dat waren all déi Punkten, déi ech nach wollt zousätzlech soen.

***(Interruptions)***

**Mme le Président**.- Merci, Här Minister. Ech wollt och ënnersträichen, dass de Minister dat an där Zäit gemaach huet, déi fir d'Regierung zur Verfügung steet, nämlech, en huet manner wéi eng Véirelstonn gebraucht.

Domat ass d'Debatt ofgeschloss, a mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6014. Den Text steet am Document parlementaire 6014[7].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Et wore 47 présent; et si 60 Stëmmen ofgi ginn. Jo: 44, Neen: 15 an 1 Abstentioun.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6014 est adopté par 43 voix pour, 16 voix contre et 1 abstention.*

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Marcel Oberweis), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Martine Mergen);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.*

*Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Jean Huss), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch).*

*S'est abstenu: M. André Hoffmann.*

Domat ass dee Projet ofgeschloss.

Wëllt deen ee seng Abstentioun motivéieren?

***(Négation)***

Neen, dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass dat esou décidéiert.

Da kéime mer elo zum Projet de loi 6114 iwwert den Emissiounshandel. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht, a wéi de Basismodell ass, mengen ech, géifen d'Deputéierte wëssen. Ageschriwwe sinn: den Här Berger an den Här Negri. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

## 5. 6114 - Projet de loi portant intégration des activités aériennes dans le système communautaire d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre et modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2004

### 1) établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre

### 2) créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto

### 3) modifiant l'article 13 bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

***Rapport de la Commission du Développement durable***

**M. Marcel Oberweis** *(CSV), rapporteur.-* Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, de virleiende Projet de loi reit sech an d'Lutte géint de Klimawandel an, iwwert deen op dëser Plaz scho méifach geschwat ginn ass.

Mat dem Projet de loi gëtt d'europäesch Direktiv 2008/101 vum 19. November 2008, mat där déi europäesch Direktiv 2003/87 modifizéiert gëtt, an eist nationaalt Recht am Kader vun dem Kyoto-Protokoll ëmgesat. Mat dësem Schrëtt gëtt de Secteur vun der Aviatioun an den europäesche System vun dem Échange vu Quote bei den Dreifhausgasen integréiert. De Kyoto-Protokoll hat dee Secteur bis elo nach net abezunn, well en déi europäesch Fligergesellschaften net wollt schiedegen, an dat finanziell.

Wéi ugedeit, reit sech dëse Gesetzesprojet an den Objektiv vun de Vereenten Natiounen an, Dreifhausgase massiv ze reduzéieren. Doduerch soll erreecht ginn, dass d'Temperatur vun der Atmosphär net méi wéi zwee Grad Celsius géintiwwer dem Niveau vun der preindustrieller Zäit, dat heescht 1769, erop soll klammen.

Dat geet awer nëmmen, wann all Länner op dësem Planéit sech eens sinn, d'Konzentratioun vun dem $CO_2$-Equivalent op 450 ppm ze begrenzen. Maache mer eis awer näischt vir! Dat dierft net einfach sinn, dat hunn déi vergaange Jore bewisen.

An deem Zesummenhang huet d'Europäesch Kommissioun sech trotzdeem de But gesat, hir Emissiounen ëm 20% bis 2020 géintiwwer 1990 ze reduzéieren, a souguer ëm 30%, wann déi aner Industrie- a Schwellelänner matmaachen.

***(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)***

An dës Reduktiounsaufgabe war de Secteur vun der Aviatioun, wéi gesot, net agebonnen. Deen huet sech awer an de leschten 20 Joer esou dynamesch entwéckelt, dass ee muss soen, dass all Efforten an den anere Secteuren, déi mer maachen, opgehuewe ginn duerch d'Aviatioun. Et kënnt zu kenger seriöser Reduktioun.

Et ass och festgestallt ginn, dass den Effet op de Klima duerch déi Emissiounen aus der Aviatioun zweemol esou staark ass. Dat ass bedéngt duerch d'Stéckoxyder, de Waasserdamp, d'Aerosolen an d'Schwefelparticulen.

Aus dem leschte Rapport vun de Vereenten Natioune geet ervir, dass den Undeel vun den Dreifhausgasen aus dem Secteur Aviatioun hei am Lëtzebuerger Land vun 3% am Joer 1990, also virun 20 Joer, op 9% virun dräi Joer gewuess ass. Derniewent ass d'Zuel vun de Passagéier - klengen Detail am Rand - ëm 60% tëschent de Joren 1990 bis 2008 gewuess. An nach vill méi fulminant war den Tonnage am Fret-Geschäft. Do hu mer 856.000 Tonnen am Joer 2007 ëmgesat, en Uwuesse vu ronn 500% par rapport zu 1990. Also quasi hu mer a 17 Joer 500% an deem Beräich.

Dës europäesch Direktiv, déi als Copie conforme an nationaalt Recht haut ëmgesat soll ginn, wäert elo nei Weeër opzeechnen. Fir de Marché awer net ze vill ze perturbéieren, ass festgehale ginn, dass de Secteur vun der Aviatioun an de 27 EU-Memberstaten eréischt ab dem Januar 2012 an de Reduktiounssystem eragéholl gëtt. Mir hunn also nach Zäit, quasiment annerhalleft Joer, eis ze preparéieren. All Flich tëschent de Flughäfen, dat heescht Départen a Landungen an de Memberstaten ënnerleien dann deenen neien Emissiounsreglementatiounen.

Et muss drop higewise ginn, dass déi zougestanen Emissiounsquoten an der Aviatioun am Joer 2012 zum Deel gratis verdeelt ginn - dat wor och esou de Fall bei den aneren Industriepartneren -, awer nëmmen, derbäi muss ee soen, 97% vun der arithmetescher Moyenne aus de Joren 2004 bis 2006.

Hale mir awer fest, vun den zougestanene Quote ginn der 15% um Marché ersteet. D'Zuel vun de Quoten, déi Lëtzebuerg an der Stee zegutt huet, ass proportional dem Lëtzebuerger Undeel vun den Dreifhausgasemissiounen aus der Aviatioun, déi an der Europäescher Unioun ausgestouss goufe fir onst Land.

Jiddwer Memberstat muss iwwert den Zweck vun de Revenuen aus där Quotestee selwer entscheeden.

Et gëtt awer gefrot, se an der Lutte géint de Klimawandel anzesetzen. Si sollen der Entwécklung vun enger méi nohalteger Aviatioun déngen. All Memberstat muss der Europäescher Kommissioun duerfir och Rechenschaft ginn iwwert d'Verwendung vun dëse finanzielle Mëttelen.

Ons Regierung huet de 5. Juni 2009 festgehalen, dass déi finanziell Revenuen aus der Quotestee dem Kyoto-Fong zoufléisse mussen, esou wéi dat d'Gesetz vum 23. Dezember 2004 scho virgesinn hat. An der nächster Period vu fënnef Joer, dat heescht vun 2013 bis 2017, ginn dann déi zougestane Quote weider erofgesat, ab dem Joer 2013 nëmmen nach 95% vun der arithmetescher Moyenne, vun där ech geschwat hunn. An och an dëser Period mussen d'Fluggesellschafte sech erëm eng Kéier 15% op dem fräie Marché ersteeën.

D'Europäesch Kommissioun hält sech awer d'Recht vir, de Wäert vun de 95% enger weiderer Revisioun ze ënnerzéien, fir eben dann d'Emissioun an der Aviatioun ze reduzéieren. Esou kann een déi Fluggesellschafte belounen, déi sech all Méi maachen, fir performant Fligeren an den Déngscht ze setzen.

Well dës Direktiv sech domat auserneesetzt, d'Dreifhausgasen aus der Aviatioun ze reduzéieren, muss all Fluggesellschaft, och déi am Land bei ons, dem Ministère de tutelle e Programm virleeën, aus deem ervirgeet, wellech Mesurë si ergräife wëllt, fir hir Emissiounen ze reduzéieren. Dofir mussen d'Gesellschafte bis spéitestens den 30. Abrëll dem Ministère matdeelen, wat si mat deene gratis allouéierte Quoten aus dem Joer virdru gemaach hunn. Esou kann et zu enger strenger Kontroll kommen. Zousätzlech muss och matgedeelt ginn, wéi vill Quote si da fir dat Joer drop scho wëllen hunn.

Wa festgestallt gëtt, dass eng Fluggesellschaft méi Quote vun Dreifhausgase wéi erlaabt an d'Atmosphär ausgestouss huet, da muss se eng Amende dofir bezuelen, ganz nom Motto Polleur-payeur. Dës Amende bedréit 100 Euro pro Tonn $CO_2$-Equivalent. An do kéinte sech munch Sue beieneen addéieren. Et muss ervirgehuewe ginn, dass de Präis vun enger Quot, dat heescht enger Tonn $CO_2$-Equivalent eng grouss Onbekannt ass hautdësdags, well dëst jo eng Funktioun ass vun der Politik an och vun dem Äerduelechpräis an de Joren 2013-2014. An am folgende Joer muss déi Fluggesellschaft dës iwwerschësseg Quote souguer dem Ministère erëmginn.

Et ass also relativ technesch, dat Ganzt. Dëst kann esou wäit goen, dass e Memberstat d'Europäesch Kommissioun freet, eng Décisioun ze huelen, dass déi betreffend Fluggesellschaft kee Recht méi kritt ze fléien. Natierlech huet d'Fluggesellschaft d'Méiglechkeet, fir Observatioune schréftlech ze ënnerbreeden, firwat et dann esou wäit komm ass.

D'Direktiv hält och fest, dass den Emissiounssystem regelméisseg kontrolléiert gëtt, well een eraus wëllt fannen, ob et eventuell Fluggesellschafte gëtt, déi sech delokaliséiere wëllen, fir an anere Länner da Profit ze zéien.

Ee wichtege Punkt an der Direktiv ass sécherlech och d'Kreatioun vun enger Réserve spéciale vum Joer 2013 un. Vun 2013 u mussen 3% vun de Quoten an dës Reserv hannerluecht ginn. Dës Quote kënnen enger neier Fluggesellschaft déngen, op de Marché ze kommen, oder enger Gesellschaft hëllefen, déi ebe méi dynamesch ass, well se méi flitt a méi Tonnagë féiert, an dat mussen awer iwwer 18% pro Joer sinn.

Keng Fluggesellschaft kritt awer méi wéi eng Millioun Tonnen am Joer zougestanen. Dës Reserv kann ënner Ëmstänn bei der Revisioun vun der Direktiv ofgeschaaft ginn. Wann d'Aviatioun an den Emissiounshandel integréiert gëtt, da kënne Fluggesellschafte genau wéi d'Industriepartner och vun de flexible Mechanismen aus dem Kyoto-Protokoll - dat sinn „joint implementation" an den CDM - zréckgräifen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat elo d'Avisen ubelaangt, esou huet d'Chambre de Commerce drop higewisen, dass déi lëtzebuergesch Fluggesellschaften, vu hiren Impacts économiques, méi staark exposéiert wäre wéi déi an anere Länner. Si bedauert duerfir, dass deene Lëtzebuerger Spezifissitéiten net genuch Rechnung gedroe ginn ass bei der Ausaarbechtung vun dëser Direktiv. Esou muss ee feststellen, dass d'Aviatioun an den europäesche Länner fir ronn 3% bei den Dreifhausgase mat bedeelegt ass, um Weltplang nëmmen 2%, bei ons awer 9% - dat war fir d'Joer 2007. D'Chambre des Métiers ënnerstëtzt zwar d'Démarchen hei an huet weider keng Objektiounen ze maachen.

Zum Schluss vun dësem dach méi techneschе Gesetzesprojet wëll ech ënnersträichen, dass dëse Gesetzesprojet ee weidere Meilesteen ass op deem nohaltege Wee, mat deem mir d'Vernetzung tëschent de wirtschaftlechen Aspekter an dem Ëmweltschutz engersäits an dem soziale Volet virundreiwe wëllen.

Dierf ech d'Chamber dofir bieden, dëse Gestzesprojet ze stëmmen? An der Kommissioun vun der nohalteger Entwécklung ass de Rapport eestëmmeg ugeholl ginn. Den Accord vun der CSV-Fraktioun, déi sech, Dir wësst et jo, fir eng méi nohalteg Wirtschafts- a Gesellschaftsform asetzt, där hiren Accord bréngen ech an, a soe Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci dem Här Rapporteur Marcel Oberweis.

***(Interruption et hilarité)***

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Eugène Berger agedroen.

***Discussion générale***

**M. Eugène Berger** *(DP).-* Merci, Här President, datt ech d'Wuert kréien. Ech wäert och ganz kuerz sinn.

**Plusieurs voix**.- Très bien!